

Projet de loi N° 6959 modifiant la loi du 18 décembre 2009
relative à la construction de la deuxième phase du Laboratoire
National de Santé à Dudelange

Här President,
Léif Kolleginnen a Kollegen,

Der Rapportrice Merci hir fir exzellenten schrëftlechen a mëndlechen Rapport.

Dofir just e puer Kommentaren am Numm vun der CSV.

Zur Viirgeschichte:

De 6. Juli 2015 huet den Nohaltegkeetsminister der Commission de l'exécution Budgétaire (COMEXBU) mattgedeeft dass déi 2. Bauphase vum Nationale Gesondheetslaboratoire, dem LNS, muss oofgeännert ginn an dass den Radiophysique's Laboratoire vun der Divisioun vun der Radioprectioun net méi wei am Gesetz vum 18. Dezember 2009 virgesinn op Diddeleng ka kommen.

De Grond vun deser Ännerung, hu mer elo just héiren, läit beim neien Noutfallplang vum 15. Oktober 2014 am Fall vun engem Accident an der Atomzentral zu Cattenom. Da mussen di 10 Gemengen, déi an engem Ëmkrees vun bis zu 15 Kilometer ronderëm Cattenom leien, evakuéiert ginn, also och d'Stad Diddeleng, an zwar an Opfangstrukturen am Éisléck.

D'Sécherheet an d'Ofschalte vun allen Atomreakteren ronderëm eist Land waren elo öfters en Thema an der Chamber, deem mäin

Fraktiounskolleg Marco Schank besonnesch verbonnen ass. An de Bierger dobaussen läit dëst Thema och um Mo. En attendant hoffe mer all, dass dee Noutfall nie antrëtt!

Als Ersatz fir de Laboratoire de radiophysique huet Regierung jo virgeschloen d'«Integrated Biobank of Luxembourg» (IBBL) an d'Gebäilechkeeten vum LNS ze sétzen.

An der COMEXBU gouf doropshin Fro obgeworf, ob fir dës Ännerung am Bauprogramm vum LNS net dat bestehende Gesetz misst oofgeännert ginn, wat sech och dunn den 20. Juli 2015 bestätegt huet.

An dësem Senn hat ech dem Här Minister och eng Question parlementaire (Nr 1456) gestallt. Ech stelle fest, dass d'Regierung awer bis den 22. Februar 2016 gebraucht fir den Projet de loi ze deposéieren.

Här Präsident,

D'CSV begréisst ausdrécklech d'Synergien déi elo zwëschen der Integrated BioBank Lëtzebuerg an dem LNS kënnen stattfannen um Niveau vun der Recherche, der Logistik a virun allem der Qualitéit, a besonnesch den LNS huet dat déck néideg.

Waat nämlech de Fonctionnement an de Konzept vun deem ugeet, esou ass deen alles aanescht wéi an dréchenen Dicher. Fait ass, dass de Modell vum Konzept net méi deem entsprécht wéi en initial gestëmmt gouf, d'CSV huet an der Kommissioun drop higewisen. Ech verweisen och op een Rapport vun 2015 vun der Cour des Comptes iwwert d'Finanzgestioun an de Joren 2013 a 2014 vum LNS. . Do geet Rieds vum Feelen vun enger mettel a langfristeger globaler Visoun an diversen finanziellen Irregularitéiten. Grouss Problemer goufen et

schon bei den Analysen an der Anapathologie, wou potentiell Kriibspatienten immens laang op hier Resultater hu misse waarden. An et gi Schwieregkeeten fir den Direktiounsposten ze besetzen.

Et leit keen Plan stratégique vum LNS fir, obschon d'Mme Minister an der Commisounsetzung ugekennegt hat, dee wier bis den 30. Abrell färdeg. Eis geplangten Visite vum LNS zu Diddeleng ass leider elo an den Hierscht verluet ginn.

Här President,

D'Fro vum definitiven Standuert vun dem Radiophysique's Labo war opgeworf ginn vu mengem Fraktiounskolleg Aly Kaes. Vu dem Labo seng Schlësselroll am Fall vun engem nuklearen Accident, muss en op enger sécherer Plaz ënnerdach kommen. Laut Exposé des Motifs vum Gesetz vum 18. Dezember 2009 wier den aktuellen Site net optimal. Wéi geseit d'Regierung d'Fro vum Standuert?

Här President, Léif Kolleginnen Kollegen,

Zum Bau selwer ass net zevill ze soen, ausser d'Konsequenzen déi en mat sech wärt bréngen um Niveau vum Verkéier.

An der Kommissiounsetzung, eou aktéiert vun der Rapportice, hat CSV op Problematik vum Verkéier ronderem de Site vum LNS opmierksam gemaach, deen duerch déi zousätzlech 42 Matarbechter vun der IBBL nach verstärkt gött.

Au vu vun der massiver wirtschaftlecher Entwëcklung am Raum Beetebuerg Diddeleng, der Ouverture vum LNS 2013 mat iwer 200 Leit Personal, dem Logistikzenter um fréier Site vun der WSA, dem CFL Multimodal, deen 2017 soll lassfueren a weideren kommerziellen Aktivitéiten, ass et a wärt et zu engem massiven

Zouhuelen vum Traffic kommen. Och d'Grenzpendler belaaschten d'Verkéierssituatioun zu de Spéztzestonnen nach zousätzlech. Di Siten sinn awer nach ëmmer net un den öffentlechen Transport ugebonden, d'Mobilité douce abegraff, wat eng absolut Prioritéit muss sinn. De Riesen-Tëntefëschrondpoint bei der Autobunns-Sortie Dudelange-Burange fir dat Ganzt opzefänken soll eréischt 2020 färdeg sinn. Dass keng separat Bretelle virgesinn ass fir de Camionstraffick vum CFL multimodal deen nees op d'Autobunn wëllt eropfueren, hunn ech schon bei den Chambersdébatën zur 2. Phase vum CFL multimodal kritiséiert .

Als Rappel, de fréieren Nohaltegkeets- an Infrastrukturminister Claude Wiseler hat schon de 7. Mee 2012, zesummen mat de Gemengen Beetebuerg an Diddeleng, d'Ponts et Chaussées mat enger regionaler Verkeiersétude beoptragt. Déi leit zënter Enn 2015 vir. Hei mussen Neel mat Käpp gemaach ginn, an dat esou séier am Sënn vun der Liewensqualitéit vun den Awunner.

Här President,

Ze hoffen bleiwt, dass d'IBBL hire Betrieb wéi geplangt zu Diddeleng kann ophuelen !

Dëst gesot, ginn ech den Accord vun der CSV Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Sylvie Andrich-Duval
Deputéiert